



# Info - Blat

No 38  
Juni 2024

1933 – 2008  
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de  
l'Institut et du Lycée Technique Privé  
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu  
amicale@amicale-ltpem.lu  
CCPL LU65 1111 0233 3353 0000

## Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Eng grouss Vakanz steet virun der Dier, e Schouljoer geet nees ob en Enn. Zäit ass do fir e kleng Bericht ze maache vun onsen Aktivitéiten aus der éischter Hallschent vum Joer 2024.

### 08. Februar 2024 – Generalversammlung am Restaurant Scolaire.

37 Membere vun der Amical hunn zesummen e flotten Owend verbuecht, énnert hinnen: Här Thekes Christophe, Attaché à la direction LPEM, Här Tissier René, Éierendirekter LPEM

Nodeems den offiziellen Ordre du Jour no Plang ofgehale gouf, souze mir esou wéi an der Vergaangenheet bei Crémant, Buffet froid, wäissen a roude Wäin, Kaffi an Dessert, nach e puer Stonnen zesummen.



Eis Aktivitéiten 2023 waren :

5 Comitésséitzungen

Generalversammlung

Eisekuchstand ob der Porte ouverte

Remise des Certificats am Tramsschapp. 2 Élèves méritants kruten en Don vu je 100 €

Visitte vum Gaspericher Wassertuerm an der Brennerei Lemmer zu Contern.

D' Schlusswuert ass dëst Joer vum Här Thekes Christoph gehale ginn, deen der Amicale Merci fir hiert Engagement seet, a frou ass ze gesinn, dass esou eng grouss Unzuel u Membere vun der Amicale un der Generalversammlung deel hellt.

De Buffet gouf dëst Joer da fir d' éischt vum neie « Schoulkach » Här Steffen Ben a senger Équipe préparéiert.

---

## **27. März 2024 Journée Commémorative à l'intention de Madame Vve Emile Metz – Tesch.**

Eise Comitesmember Bressanutti Fons huet d'Amicale vertrueden.

---

## **4.Mee 2024 - Grouss Porte Ouverte**

Bei der grousser Porte Ouverte, waren eis Eisekuchen an 3 Variatiounen erhältlich: mat Zocker, mat Äerdbier a mat Äerdbier a Schmant.

All d' Eisekuche vun der Amicale si verkaaft ginn.



## **Aktivitéit fir 2024:**

**12.10.2024 (save the date!)**

Visitt vun der Sebes zu Eschdorf, mat uschléissendem Iessen an der Brasserie du vieux Moulin "Am Keller" zu Bourscheid.



**Léif Memberen,  
Mir wënschen Iech an ärer Famill eng schéin an erhuelsam Summervakanz.**

---